



09.09.2026

World Scout Jamboree 2027 – Polen Luxembourg Contingent Newsletter 5

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,
Mir mëllen eis mat engem néien Newsletter vir de Jamboree 2027 a Polen. Hei fannt
dir konkret Infoen zu der **Norees**!

Wichtig Datumer & Umeldung

Datum Norees: 9. – 15. August 2027

Umeldung: D'Umeldunge ginn den 22. September 2026 um 19h00 op an de 06. Oktober 2026
nees zou!

D' Rechnung fir d'Norees muss bis de 15. November 2026 bezuelt sinn a verleeft iwwert de
Grupp!

D'Umeldung léisst sech iwwert de follgende Link ausfüllen:

<https://wsj2027.sil.lu/umeldung-norees/>

Wichtig: D'Platze vun der Norees sinn limitéiert! D'Umeldung verleeft nom Prinzip "First
come, first served".

Präis

De Präis vun der Norees ass 750 Euro op de Kapp. Am Präis ass alles vun Transport, Iessen,
Hotel an Aktivitéite mat abegraff.

Programm

Innerhalb vun de 7 Deeg ginn 2 polnesch Stied besicht mat Fokus op d'polnesch Geschicht,
Kultur a Natur. Mir bidden Iech ee volle Programm mat enger Vielfalt vun Aktivitéiten un di
variéieren zwëschent moderner Stad a traditionelle kulturellen Erleefnesser.

Di genau Detailer zu der Norees bléiwen awer nach strengstens geheim ;)



Wichtig: Fir d'Norees bleiwen d'Participanten an d'Chef an hiren Unitéiten. Dobäi ginn d'Participanten och weiderhi vun hire Chef encadréiert.

Ofmellen & Remboursement

Generell ass eng Ofmeldung vun der Norees nom bezuelen net méi méiglech.

Ausnam: Et fënnt een ee gëeegente Remplaçant. Den CMT huet dat lescht Wuert bei der Decisioun op déi proposéiert Persoun als gëeegente Remplaçant Zielt an ob dëst nach méiglech ass.

All weider Remboursementer ginn no dem Camp gemaach, wann de finalen Decompte gemaach ass

Data Collect

An enger nächster Phase wäert vun eiser Säit ee Link verschéckt ginn. Op dësem Link musse weider Donnéeën ausgefëllt ginn, déi mir fir déi individuell Umeldung beim Organisateur brauchen. Dëst ass obligatoresch fir all Participant a Chef fir um Camp kennen deel ze huelen! Mir mellen eis mat weideren Informatiounen wann et esou weit ass.

Méi Informatiounen

Social Media: Du wëlls regelméisseg Updates an deng Timeline gespullt kréien? Da folgt eisem Instagram Account: @wsj2027_luxembourg

Site: Du bass op der Sich no néien Informatiounen? Da klick dech duerch eise Site, de gëtt regelméisseg aktualiséiert! <https://wsj2027.sil.lu>

FAQ: Du hues eng konkret Fro? Kuck gärén an eisem FAQ no op deng Fro scho gestallt gouf. <https://wsj2027.sil.lu/faq/>

Froen? Mir si fir iech do! Bei all aneren cmt@wsj2027.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,
Fir de Lëtzebuurger Contingent
Tahr & Charel